adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 JUIL. 2017
3174

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den Diskussiounen ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg an de stramme Wuesstem wëll Lëtzebuerg op de qualitative Wuesstem opbauen. An deem Zesummenhang huet den Här Wirtschaftsminister an der Chamber gesot, datt am Virfeld vu gréissere Projeten an Investitiounen an Zukunft ëmmer eng Impaktstudie gemaach géif ginn.

Aktuell gi Verhandlunge gefouert, fir datt déi amerikanesch Firma Google zu Lëtzebuerg ee gréisseren Datenzentrum ka bauen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Ass eng Impaktstudie gemaach ginn oder gëtt se am Abléck duerchgefouert?*
2) *Wéi en Impakt hätt d'Implantatioun vun esou engem groussen Datenzentrum op d'Ëmwelt, op de Landverbrauch, op den Energieverbrauch, op de Waasserverbrauch, op de Verkéier an op de Wunnengsmaart vun der Géigend, wou dësen Datenzentrum soll gebaut ginn?*
3) *Wéi eng finanziell Hëllefen si vun ëffentlecher Hand geplangt (Staat, Gemeng), z.B. bei den Infrastrukturen oder fir de Kaf vum Terrain a wat ass hei de Käschtepunkt?*
4) *Wéi wäit bedeelegt Google sech bei de Käschte fir d'Infrastrukturen an denTerrain?*
5) *Wéi en Impakt hätt dës Implantatioun op d'Steierrecetten (Kierperschaftssteier, Verméigenssteier an TVA)?*
6) *Ass an de Verhandlunge Google e Steierruling proposéiert ginn?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen

Deputéierten

Äntwert vum Vize-Premier Minister a Wirtschaftsminister, Häer Etienne Schneider, a vum Finanzminister, Häer Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro nr 3174 vum 28. Juli 2017 vum Deputéierten Gast Gibéryen

D'Regierung setzt am Kader vun der wirtschaftlecher Entwécklung vum Land als Ziel, e qualitative Wuesstem ze schafen. Dëst Ziel entsprécht esouwuel dem Regierungsprogramm vun Dezember 2013, ewéi dem breede Kader vun der Strategie „Luxembourg 2020", der Ëmsetzung vun den europäesche Leitlinnen, déi d'Regierung am Kader vum Plan national de réformes (PNR) all Joers à jour setzt.

Den ICT-Secteur as e besonnesch wichtege Secteur, fir déi wirtschaftlech Diversifizéierung vum Land weider ze dreiwen. Dee Secteur kann de Kritäre vum qualitative Wuesstem entspriechen, well en héich qualifizéiert Aarbechtsplaze schaaft a well en d'Applikatioun vu ville neien Technologien erméiglecht, déi mei Produktivitéit a verschiddene Beräicher mat sech brengen. Am Kader vun der Rifkin Strategie ass dowéinst de Fokus op nei ICT Technologië gesat ginn, déi zesumme mat den erneierbaren Energien an der intelligenter Mobilitéit en Deel vun der drëtter industrieller Revolutioun duerstellen.

Wann am Beräich ICT eng Entrepris envisagéiert zu Lëtzebuerg ze investéieren, dann ass dat e Projet dee vu strategescher Wichtegkeet ass. Am Intérêt vun enger eventueller Realiséierung vun engem Projet, kann d'Regierung keng Detailer ginn iwwert Gespréicher a Planungen, déi net ofgeschloss sinn. Et ass evident, dass de legale Kader respektéiert gëtt.